



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Alff Christian , 15:19, 05/03/2021

Luxembourg, le **05 MARS 2021**


**Objet : Question parlementaire n°3574 du 3 février 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen
concernant les activités privées de gardiennage et de surveillance**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet a Madame Sam Tanson, Justizministerin zu der parlamentarescher Fro n° 3574 vum éierbaren Deputéierten Här Marc Goergen

D'Gesetz vum 12. November 2002 stellt keng legal Basis fir e generaliséierten Asaz vu private Sécherheitsfirmen am öffentleche Raum duer. Privat Sécherheitsfirmen, déi déi dofir néideg ministeriell Autorisatioun hunn, kennen d'Garde vun engem bestëmmte Gebai assuréieren oder eng bestëmmte Persoun schützen. Sie hunn allerdéngs opgrond vun dësem Gesetz keng Befugnisser fir generell oder oofschreckend Patrullen uächter e Quartier oder eng Gemeng ze maachen an och keng aner Befugnisser fir fir d'Erhale vum ordre public z'intervenéieren.

Et gëtt aktuell keng legal Basis déi dëst erlaabt. Eng Gemeng kann op eng privat Sécherheitsfirma zrëckgräife fir ganz bestëmmte Missiounen am öffentleche Raum auszuféieren. An dësem Kader hunn d'Agente vun der Sécherheitsfirma allerdéngs Pouvoiren, déi net iwwert déi vum normale Bierger an deem Kontext erausginn, déi sech also fundamental drop limitéieren am Fall vun engem Incident oder enger Infraktioun d'Police op d'Plaz ze ruffen.

Et ass net virgesinn de private Sécherheitsfirmen eng generell legal Basis ze schafen fir am öffentleche Raum ze patrulléieren. Alledéngs soll d'Gesetz vun 2002 iwwerschaaft ginn fir d'Missiounen an hire Kader ze preziséieren.

Wat d'Fro vun enger eventueller Sanktioun betrëfft, esou huet de Justizminister als eenzeg Kompetenz, dem Artikel 5 vum Gardiennage-Gesetz no, der Entreprise déi d'Gesetz net géing respektéieren, hir Autorisatioun z'entzéihen. De Justizministère huet am Kader vun der Ausübung vu senger Missioun laut dem Gesetz vum 12ten November 2002 gefrot Asiicht an d'Dokumentatioun ronderëm déi vill diskutéiert Kontrakter vun enger Sécherheitsfirma mat zwou Gemengen ze kréien an huet déi Dokumenter och krit. Sie ginn aktuell analyséiert.

Doniëwt gëllt, dass all Bierger deen duerch eng Aktioun vun engem Sécherheitsagent oder enger Sécherheitsfirma e Schued erleidt, selbstverständlech d'Méiglechkeet huet, bei der Police Plainte ze maachen.